1-2017-0-7-5125-01 (2805)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Lëtzebuerg, den 5. Dezember 2017

Depot: Här Fernand Kartheiser

Débat sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire

1

# Motioun

D'Chamber

Iwwerzeegt,

- datt et an der Gesondheetspolitik wichteg ass, besonnesch och am Kader vun der Entwécklungshëllef, Projeten ze ënnerstëtzen, déi d'Gesondheet vun de Mammen an de Kanner schützen a stäerken;
- datt Projeten an den Zilllänner, mat Inzidenzen op d'Familljeplanung oder d'Reguléierung vun der Demographie op nationalem Niveau, net däerfen d'Ofdreiwung vun nach net gebuerene Kanner aktiv oder passiv akzeptéieren, finanzéieren oder esou guer favoriséieren, och wa keng medezinesch Indikatioun virläit;
- datt all Programmer, déi sech em d'Erzéiung a besonnesch em d'Opklärung a sexuelle Froen dréinen, mussen un éischter Plaz op d'Rechter vun den Elteren opbauen;
- datt vill Familljen an den Entwécklungslänner hir Famillje géingen anescht plangen, wann d'Kannerstierflechkeet kéint reduzéiert ginn;

fuerdert d'Regierung op:

- Programmer besonnesch grousszügeg ze ënnerstëtzen, déi d'Liewen an d'Gesondheet vun de Mammen an de Kanner am Ëmfeld vu Schwangerschaft a Gebuert betreffen;
- keng national oder international Programmer oder Initiative politesch oder finanziell ze ënnerstëtzen, déi als Ziel hunn, d'Ofdreiwung vun nach net gebuerene Kanner ze erméiglechen, ausser am Fall vun enger medezinescher Indikatioun;
- Initiativen ze initiéieren an ze ënnerstëtzen, déi als Ziel hunn, déi geschlechterselektiv Ofdreiwung ze bekämpfen;
- déi Begrëffer "sexuell a reproduktiv Gesondheet" ëmmer esou ze interpretéieren, datt si net d'Ofdreiwung mat ofdecken, ausser am Fall vun enger medezinescher Indikatioun;

- an der UNO an an allen internationalen Institutiounen dofir anzetrieden, datt d'Rechter vun den Elteren an alle Froe vun der Sexualerzéiung respektéiert ginn;
- méi finanziell Mëttelen an déi medezinesch Recherche ze investéieren, besonnesch iwwer déi Krankheeten, déi verstäerkt an Afrika optrieden;
- besonnesch Programmer ze ënnerstëtzen, déi d'Kannerstierflechkeet bekämpfen;
- der Chamber reegelméisseg doriwwer Rapport ze maachen, wat si mécht, fir de Schutz vum Liewen an der Entwécklungshëllef ze promouvéieren.

F. Kartheiser